ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 15/03/2024

# Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

## Sëtzung vum 27 Februar 2024

## Präsenzen

| Present (Quorum 50% , ≥6) | Net present | Observateuren a Experten |
|---|---|---|
| Pascale BERNA<br>Rosie BRANDENBURGER<br>Yolande EVERAD-GRAFF<br>Sylvie GIERES-DEITZ<br>Carlo KOEPP (Sekretär)<br>Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin)<br>Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin)<br>Seth RUEF<br>Suzanne WEIS-COLLÉ | Stefanie BLOCK (entschëllegt)<br>Lydie RUPPERT (entschëllegt) | |

## Dagesuerdnung

*Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst*

1. Begréissung, Presenzeléscht
2. Rapport vum 18 Dezember
3. Néi Joers Feier 2024
4. Diskussioun iwwert eng Bicher Kabinn oder eng Kaffi Stuff mat Bicher Eck
5. Invitatioun Mme Pattou vun MEC Asbl
6. Divers an nächst Dagesuerdnung

## Punkt 1 : Begréissung, Introductioun, Presenzeléscht

Presidentin huet d’ Sëtzung opgemaach an d’ Memberen gegréisst. 9 Memberen waren präsent, 2 haten sech entschëllegt.

## Punkt 2 : Rapport vum 18 Dezember

De Rapport gouf an der Sëtzung eestëmmeg approuvéiert.

Wat déi eenzel Punkten am Rapport betréfft:

- De Datum fir de Schëff Ausfluch mat der Marie-Astrid gouf fir den 11 Juli, zesummen mat der Gemeng, festgeluecht. De Schäfferot huet et accordéiert an d’ Gemeng huet Bestellung an e “Save the date” erausginn.
- Fir d’ Fréijoer Sortie ass nach näischt festgehalen ginn.
- Fir d’ Konferenz Owender hu mir bis elo kee Retour kritt. An der Sëtzung gouf awer unanime betount dat den Thema Fleegeversécherung fir eis wichteg ass. Duerfir wëlle mir dës Konferenz am September oder Oktober, zesummen matt der Gemeng organiséieren. D’ Pascal Berna huet sech bereet erklärt, well hat do schafft, sech bei der Assurance Dépendance z’ informéieren fir esou ee RDV z’organiséieren.

## Punkt 3 : Bilan Nei Joers Feier 2024

D’ Nei Joer Feier huet bei den Invitéeën vill Uklang fonnt. An eiser Sëtzung gouf d’ Organisatioun gelueft , an duerfir e grousse Merci un d’ Mataarbechter an Verantwortlech vun der Gemeng. Duerch déi véiereckeg Iessdëscher, aplaz vu Ronnen, konnten vill méi Leit participéieren. No den Empfangsrieden vum Buergermeeschter an eiser Presidentin huet de Männerchouer vu Béiwen d’ Gäscht, mat engem Potpourri vu Lieder,  angeneem ënnerhalen, genau esou wéi déi flott musikalesch Begleedung wärend dem Iessen, déi vum Mike Rippinger zesummegesat gouf.

## Punkt 4 : Diskussioun iwwert eng Bicher Kabinn oder eng Bibliothéik mat Kaffi Stuff

D’ Corinne hat dëse Punkt schonn an der Kulturkommissioun abruecht. Dräi Méiglechkeeten hu mir diskutéiert:

- **Bicher Kabinn**, huet net vill Uklang fonnt an der Sëtzung, well d' Erfarungen ob anere Plazen éischter mitigéiert sinn
- **Bibliothéik mat engem Kaffi Eck** hätt sécherlech e positive sozialen Effekt. Mir waren awer der Meenung dat d' Gestioun vun enger Bibliothéik ze opwenneg ass fir eis Zwecker.
- **Kaffi Stuff mat Bicher Eck** schéngt déi gutt Léisung als sozialen Treffpunkt fir all Generatiounen. De Bicher Eck géif bedriwwen wéi d' Bicher Kabinn, quasi ouni Gestioun. Ofhängeg vun der Lokalitéit, kënnt een zousätzlech Déngschter ubidden:
    - A klengen Reparatur Eck
    - Eng Plaz fir d' Kultur
    - Spill Eck
    - Ënnerstëtzung bei administrativen Demarchen, bei der Technik wéi Informatik, Multimedia,......

Dat ganzt an Collaboratioun mat aneren Kommissiounen, der Kultur, der Jugend, der Nohaltegkeet,.... Treffen kéinten z.B. all Mount oder all 2 Méint stattfannen.

### Wou am beschten?

An all gréisserem a gemittleche Sall, mat Dëscher a Still a mat eventuellen Schief, fir d' Bicher oder anert Material, a wou ee net forcéiert ass um Enn alles rëm mat ze huelen. Natierlech muss een e Kaffi Eck hunn, mat Geschier an anerem Gedrénks, a vläicht Gebäck.

**A Fro, kéimen:**

- Raimlechkeeten am Lëtschert, Koll oder am renovéierten Koschteschbau, mat Comptoir a guddem Zougang.
- Awer och an enger aler Schoul oder souguer an enger entweiter Kierch.

Den Zougang zu Raimlechkeeten soll fir d' Senioren am beschten am Rez-de-Chaussée leien.

D' Mobilitéit aus eisen Dierfer wäert mam Auto sinn, dofir ass e Parking noutwenneg, oder eventuell mat enger Navette.

**Wichteg:** E handelt sech hei em ee kompletten Zenario. De Ufank fir ze probéieren ka méi einfach sinn.

## Punkt 5 : Invitatioun Mme Pattou  vu MEC Asbl

Am Kader vum "Super Senior", sollt Mme Pattou, Direktesch vun der MEC Asbl, eis déi Initiative presentéieren. Den Owend war Krankheet bedéngt ofgesot ginn. An der Tëschenzäit goufen schonn 2 Flyer an der Gemeng verdeelt, een gericht un Senioren mat Infoen iwwer d' Formatioun, an een f un d' Elteren vu Schoulkanner, fir Nohëllef Stonnen ze kréien fir hir Kanner am Kader vum Super-Senior.  Dofir ware mir eis unanime eeneg, fir kee neien Termin mat der Mme Pattou auszemaachen.

## Punkt 6 : Divers an nächst Dagesuerdnung

Ofschléissend ass d' Fro opkomm no Iddien, wéi een eeler Léit an hirem Alldag, an hiren deeglechen Besoinen zousätzlech ënnerstëtzen kéint, nieft den besteeënden Angeboter vu verschiddenen Organisatiounen wéi Cigl, Forum pour l'emploi, Amiperas, asw. D' Kaffi Stuff ass eng Méiglechkeet fir a Gesellschaft ze sinn an ëm Rot ze froen bei komplizéierten Problemer. Weider gouf geschwat vun Hëllef am Haushalt, bei der Mobilitéit oder Begleedung bei ee Dokter, wa Famill oder Bekannten net verfügbar sinn.

Fir de **nächsten Ordre du jour** kann een déi follgend Punkten vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren aus dem Gemengerot
- Schëff Ausfluch mat der Marie-Astrid op der Mousel
- Kaffi Stuff Iddi weider ausbauen
- Fréijoer Sortie
- Divers

**Nächst Sëtzung**

16 Abrëll um 19h30 am Gemengerot Sall

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.